Beieveräin
Kanton Dikrich

Kuren fir jong Imker:

Grad esou wéi di läscht Joeren organiséiert den Dikricher Kantonalbeieveräin Kuren fir alleguerte seng Memberen. Mir bieden déi interesséiert Leit sech bis de 25. März fir dës Kuren op der Websäit www.beien.lu unzemellen.

Viraussetzung fir bei den prakteschen Kuren matzemaachen ass dat eis Jongimker un de 5 theoretesche Kuren vun der FUAL deelhuelen, fir datt si dat nédeigt Basiswëssen opweisen wat dono erwaard gëtt.

Déi **praktesch Kuren fir Ufänger** ginn dann Méindes zu Dikrich an der Hooldär ofgehal a fänken um **18.00 Auer** un. Déi genee Sujetën leeën mir net méi am Viraus fest, mee mir maachen dat ofhängeg vum Joresoflaaf a kucken wéieng Thematik mir zu wéiengem Zäitpunkt behandelen. Mir versichen secherzestellen, dat mir mat eise jonken Imker een komplett Beiejoër mat den jores-spezifëschen Arbëschten duerchlaafen.

Mir treffen eis eng éischte Kéier den **25. März 2019 um 18.00 Auer zu Dikrich an der Hooldär**. Mir stellen Iech den Dikricher Beieveräin vir, erklären Iech den Oflaf vun de Kuren (an d'Material wat ee brauch) an duerno drenken mir gemittlech zesummen ee Patt.

- 25. März 2019 um 18.00 Auer zu Dikrich an der Hooldär (Aschreiwung & Patt)
- 8. Abrëll 2019 um 18.00 Auer zu Dikrich an der Hooldär
- 22. Abrëll 2019 um 18.00 Auer zu Dikrich an der Hooldär
- 6. Mee 2019 um 18.00 Auer zu Dikrich an der Hooldär
- 20. Mee 2019 um 18.00 Auer zu Dikrich an der Hooldär
- 3. Juni 2019 um 18.00 Auer zu Dikrich an der Hooldär
- 17. Juni 2019 um 18.00 Auer zu Dikrich an der Hooldär
- 1. July 2019 um 18.00 Auer zu Dikrich an der Hooldär
- 15. July 2019 um 18.00 Auer zu Dikrich an der Hooldär
- 29. July 2019 um 18.00 Auer zu Dikrich an der Hooldär
- 12. August 2019 um 18.00 Auer zu Dikrich an der Hooldär
- 23. Dezember 2019 um 18.00 Auer zu Dikrich am Nordstadt-Lycée

QR-code scannen
an direkt umelden.

Di ugemellte Leit kréien matgedeelt wann nach Datumer bäikommen oder geréckelt géifen ginn. De komplette Kalenner mat allen eventuellen Ännerunge steet och op der Websäit: www.beien.lu

Kotisatioun 2019

Mir bieden Iech de Montant vun **50 € bis allerspéitstens den 28. Februar 2019** op den **CCPL LU08 1111 0409 6733 0000** vun der Union des Apiculteurs du Canton de Diekirch ze iwwerweisen. Wéi Dir wësst ginn 40 € vun dësem Montant weider un d'FUAL fir eis um nationalen Plang ze vertrieden an z.B. och d'Arbecht vum neien Beieberoder ze finanzéieren.

Fir di Persounen, di well an engem aaner Kantonalveräin Mëmber sin an di just un eisen Formatiounen Deel huelen wëllen bidden mir eng **Sympathiememberschaft** un. Dës kascht **20 €** d'Joër, Dir kennt **d'Kuren** zu Dikrich matmaachen, mee Dir gidd net vun eis bei der FUAL ungemellt.

Weebeschreiwung

Beieveräin
Kanton Dikrich